

Lëtzebuerg, de 14. Juli 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneminister weiderzeleeden:

„Viru genee engem Joer stounge vill Stéit, Geschäfte a Gemengen uechtert Land virun dem nämmlechte Leed. D'Konsequenz vun aussergewöhnlech staarkem an undauerndem Reen war: Chaos am ganze Land; Flëss a Baachen, déi Stroossen a Platzen iwverschwemmt hunn; net just Kellere mee ganz Haiser, déi bis den 1. Stack ënner Waasser stoungen; Existenzen, déi zerstéiert gi sinn.

An och ëffentlech Infrastrukturen an de Gemenge goufe schro vum Joerhonnerthéichwaasser getraff.

D'Héichwaasser vum 14. a 15. Juli 2021 ass vun der Regierung als «catastrophe et calamité naturelle» deklaréiert ginn. Doduerch konnt eng finanziell Hëllef vun 100 Milliounen Euro fir betraffe Stéit, Geschäfte a Gemengen deblockéiert ginn.

An deem Kader wollt ech der Madamm Inneminister folgend Froe stellen:

- *Wéi vill Gemengen hu vum «Formulaire intempéries» gebrauch gemaach ? Sinn entretemps d'Dossieren déi vun de Gemengen un den Inneministère erageschéckt goufen all komplett oder muss nach Dokumentatioun nogereecht ginn?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Huet d'Madamm Minister genee Zuelen, wéi héich am Ganzen d'Schied sinn, déi den Inneministère vun de Gemenge gemellt krut?*
- *Wéi vill vun de geplangten 100 Milliounen Euro kommen de Gemengen ze gutt?*
- *Kann d'Madamm Minister eis soen, wéini a wéi vill Gelder schonn un déi jeeweileg Gemengen ausbezueelt gi sinn? Wéi vill Hëllefsgelder si bis elo nach net un d'Gemengen ausbezueelt ginn a wäerten nach ausbezueelt ginn ?
Kënnen di sinistréiert Gemengen och an de kommende Joren nach op di finanziell an administrativ Ënnerstëtzung vum Inneministère bei de Konsequenze vum Héichwaasser zielen?*

Mat déiwem Respekt,

Carole HARTMANN
Deputéiert